



Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Energie op d'parlamentaresch Fro n°6818 vum 12 September 2022 vun dem éirewäerten Députéierten Här Marc Goergen iwwert "Subventions pour bornes électriques"

1. Wéi vill Demandë fir eng staatlech Bähëllef am Sënn vum uewe genannte groussherzogleche Reglement goufen zënter der Aféierung ugefrot? Wéi vill dovunner goufe refuséiert an aus wéi enge Grënn?

Am Ganze goufe bis elo 2618 Subventiounen fir elektresch Bornen ugefrot. (Stand um 1/10/2022)

Joer	Unzuel vun Demanden
2020	320
2021	1.000
2022	1.298

Am ganze si bis elo 176 Refusen am Kader vun de Subventiounen fir elektresch Borne gemaach ginn. D'Refusen hunn haaptsächlech missen aus folgende Grënn gemaach ginn:

- D'Borne ware net OCPP 1.6 (Open Charge Point Protocol) fäeg (keng intelligent Borne) a se waren a Gebaier mat méi ewéi 3 Parkplazen installéiert (111 Demanden)
- D'Subventiounen ware vu Betriber ugefrot ginn (34 Demanden)
- D'Rechnungen waren vu virum 1.7.2020 (20 Demanden)
- D'Leeschtung vun der Borne war méi grouss ewéi 11 kW (11 Demanden)

2. Kann d'Regierung eng Lëscht mat den um Marché erhälteche Modeller u Luedstationen verëffentlechen, déi aktuell fir d'Subventioun eligibel sinn?

D'Klima-Agence bitt op hirem Site ënner der Adress <https://bornes.klima-agence.lu/> een Outil un, mat deem ee kann déi verschidde Modeller vu Borne ka vergläichen, déi zu Lëtzebuerg um Marché disponibel sinn. Dësen Outil erlaabt et dem Bierger duerch een einfache Questionnaire d'Modeller ze fannen, déi am beschten u seng individuell Situatioun adaptéiert sinn. Déi Modeller, déi a Fro komme ginn an enger Tabell verglach, an där och d'Detailer zur Eligibilitéit fir d'Subsiden ugi sinn.

Et ass den Installateur deen op d'Plaz geet iert d'Aarbechten ufänken, dee säi Client am beschten berode ka wéi eng Borne hie sollt installéieren, fir datt dës éischtens konform mat den "Technische Anschlussbedingungen" (TAB) vum Gestionnaire de Réseau ass an zweetens ee Subside kréie kann.

Lëtzebuerg, den 11. Oktober 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung